# BTS Media Writing

Däin Ticket fir an de Medieberuff.
Lycée classique de Diekirch



## Televisioun, Zeitung, Radio a Social Media, Publicitéit a Kommunikatioun… Ass et hei wou s du wëlls schaffen? De BTS Media Writing am Dikrecher Kolléisch bitt dir eng zolidd a praxisbezunne Formatioun, déi dech direkt dohinner féiert.

### E Studium ganz no un der Beruffswelt a just véier Semesteren. Kuerz a knackeg.

De BTS Media Writing bitt eng besonnesch praxisorientéiert 2-Jores-Héichschoulausbildung, déi an Zesummenaarbecht mat Betriber aus der Medien- a Kommunikatiounswelt geziilt op d'Beruffswelt virbereet. A wann s du dono wëlls weider studéieren an dech am Ausland spezialiséieren, hues du e Startkapital vun 128 schlau investéierten ECTS-Punkten.

### Schreiwen. Schwätzen. Filmen. Hei léiers du dech an alle Medien auszedrécken.

An däser Formatioun gëss du net nëmme geléiert, fir Press, Radio an Internet ze kommunizéieren, ma och kreativ oder informativ ze schreiwen, Interviewtechniken ze beherrschen, virun an hannert der Kamera ze schaffen, a sozial Medie professionell ze notzen.

### Ee Message, vill Sprooche – typesch Lëtzebuerg.

Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch, dat sinn déi Sproochen, déi s du brauchs, fir dech an der Lëtzebuerger Mediewelt auszedrécken. An dëse Sprooche bréngе mir dech am Schreiwen an am Schwätzen e gutt Stéck weider, sou dass du se wierklech professionell asetze kanns.

### Eng Ausbildung fir d'Medieberuffer vun haut a vu muer.

Mat sengem geschäerfte Profil vu Mediawriter bereet dëse BTS op d'Beruffer vun der Informatioun a vun der Kommunikatioun vir. An op all déi nei Beruffer dotëscht. Ob an der Televisioun, am Radio, an der geschriwwener Press oder an de Webredaktiounen, an de Kommunikatiounsagencen oder an de Kommunikatiouns-departementer vun de grousse Betriber – d'Nofro fir «Schwäizer Täschemesseren» vun der Kommunikatioun léisst néierens no.



## Superequipéiert.

Mat sengem Multimediazenter ass den LCD dee klassesche Lycée, deen déi bedeitendst audiovisuell Infrastrukturen am Land huet fir d’Ausbildung a Medien, Toun a Bildtechniken. Hei hues du däin eegene Poste mam kompletten *Adobe Creative Cloud* Environnement a kanns zu all Moment audiovisuellt Material fir deng Projeten an Aufgaben ausléinen.

## E Studium, wou s du am Zentrum stees.

Mat klenge Klasse vu maximal 12 Student*inne kënne mir jiddwereen individuell begleeden, ënnerstëtzen an ausbilden. Sou kënne mir geziilt dorop hischaffen, dass du, wéi all eis Student*inne bis elo, um Enn däi professionelle Projet hues an eng Aarbecht fënns.







**En top equipéiert Gebai, vill Praxis, intensiv Stagen, Coure mat motivéierte Proffen direkt vum Terrain aus der Lëtzebuerger Mediewelt, Insights an déi aktuell Aarbechtswelt – alles op enger Plaz.**









## Media Writing. Däin Ticket fir an de Medieberuff.

*«Plus qu'une formation, ce BTS est une véritable immersion dans le monde de la communication et du journalisme. Grâce au contenu des enseignements axés sur la pratique à tous points de vue, au matériel professionnel mis à disposition et à leurs nombreuses semaines de stages, les étudiants débarquent sur le marché du travail avec tous les prérequis pour démarrer leur carrière.»*
Salomé Jeko, Grënnerin vum Bureau éditorial NOTA BENE, ex *head of editorial department* a *senior content creator* vun der Agence binsfeld / Cours *Écritures Journalistiques a Content Marketing*





*«Möglichst nah dran an der Praxis. Und am Ende einen fertigen Film fürs Portfolio. Das ist das Ziel meiner Blockseminare: Story-telling im Video, egal ob für TV oder Youtube. Ihr erzählt Eure Geschichten, und zeigt mit Bildern, was Euch bewegt.»*
Stefan Braunshausen, Redakter beim ZDF / Cours *Media Storytelling*

*«Le BTS Media Writing est une autoroute direction le monde des médias. J'y ai été formé par des profs externes connus du milieu. Expérience pro, connexions et diplôme en 2 ans: c'est un cocktail parfait.»*
Maxime Toussaint, fréiere Student, *Team Lead Podcast* beim *Lëtzebuerger Journal*



*«Wat de BTS Media Writing fir mech ausmécht? – Praxis! Mir hunn dat neiste Material a bekannt Perséinlechkeeten, déi hiert Wëssen un eis iwwermëttelen.»*
Lisa Courte, fréier Studentin, *Production Coordinator* bei IPL



*«Eng super Zäit! Net iwwerall fënnt ee sou gutt Aarbechtsbedingungen, top Infrastrukturen an erfuere Leit aus der Mediewelt als Proffen.»*
Sam Rickal, fréiere Student, Journalist fir d'RTL-Sportredaktioun





*«De BTS Media Writing ass no un der Praxis, sou datt mir eis ëmmer kenne professionellt Material ausléinen.»*
Lara Bandadas, fréier Studentin, *Gestionnaire des réseaux sociaux* beim *Ministère des Affaires Étrangères et Europeennes*

*«No deenen 2 Joer hunn d'Student*inne Kontakter an déi ganz Mediebranche hei zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus geknäppt.»*
Lynn Warken, *Managing Director* Lëtzebuerger Journal, fréier Programmcheffin adjointe bei Eldoradio / Cours *Audio Production*



Photos LCD: © Xavier Salomon & Ruben Waldhüter
Photo S. Jeko: © Pierre Matgé
Photo S. Braunshausen: © ZDF
Photo L. Warken: © Lex Kleren / Lëtzebuerger Journal



© Lycée classique de Diekirch 2024

**Lycée classique de Diekirch**
**Ancien Bâtiment**
**32, avenue de la Gare**
**L-9233 Diekirch**
**Tél. 26 807 217**

**www.mediawriting.lcd.lu**